

à la troisième réunion des Parties à Bristol du 24 au 26 juillet 2000, an de

- *Projet de loi 4881 portant approbation de la Convention de Stockholm sur les polluants organiques persistants, faite à Stockholm, le 22 mai 2001.*

Mir héieren elo den Exposé vum Här Budgetsminister Luc Frieden iwwert de Statshaushalt vum Joer 2002. D'Wuert huet den Här Budgetsminister Luc Frieden.

4. **Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002**

Exposé du Ministre du Trésor et du Budget

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsbudget fir d'Joer 2002, d'finanziell Grondlag fir bal all Politikberäicher, ass e gewolltent Instrument fir d'Stabilitéit an enger onsécherer, ongewëssener Zäit. Stabilitéit an de Statsfinanzen, Stabilitéit an der Gesellschaft duerch eng aktiv Sozial- a Familljepolitik, Stabilitéit an der Ekonomie an an der Kafkraaft vun de Leit, duerch eng grouss Steuerreform an héich Investitiounsausgaben, Stabilitéit trotz ongewësser Zäit.

Den 11. September vun dësem Joer si 6.000 onschëlleg Mënschen duerch eng brutal Attack vun Terroristen ëm d'Liewe komm. Ech mengen net, dass deen Dag an déi Zäit duerno d'Welt geännert huet, mä dass eis zënterhier, virun allem an Europa an an Amerika, d'Aen opgaange sinn, an der Weltpolitik an an der Ekonomie. D'Ae sinn eis opgaange a mir hu gesinn, dass d'21. Jorhonnert bei eis anescht ausgesäit wéi mir et eis vläicht um Ufank vum neie Jorhonnert geduecht haten. No de Konflikter vun den Nationalitéiten, déi mer am 19. Jorhonnert haten, dem grujeleche Weltkrich an dem Kale Krich, déi mer am 20. Jorhonnert haten, hu mer gemengt, datt elo dat 21. Jorhonnert kënnt an an eise westlechen Demokratie geprägt ass vu Friden a Prosperitéit. Mir hunn ëmmer nëmme vu Wuesstum a materieller Prosperitéit geschwat, mir hu se ëmmer méi gefuerdert, och wa mer se schonn haten.

Den 11. September sinn eis d'Aen opgaang, datt eis pluralistesche Demokratien, eis politesch a wirtschaftlech Systemer nei, oft onbekannte Géigner hunn, datt de Friden ni assuréiert ass, an datt ee sech ëmmer erëm fir de Rechtsstat an d'Demokratie asetze muss; datt d'Sécherheet, déi extern an déi intern, eng wichteg politesch Aufgab bleift. Den 11. September huet kee Krich tëscht Reliounen ugefaang, mä eng Ausenanesetzung mat eisem System, mat eiser Approche zum Stat an zu de Grundfräiheeten. Den 11. September

sinn eis och am ekonomesche Beräich d'Aen opgaangen. Eng scho méi schwach amerikanesch Ekonomie koum duerch déi nei Onsécherheeten an d'Schleideren an duerch d'Globaliséierung vun de Mäerkt, d'Verflechtung vun eisen Ekonomien, huet dës Tendenz noutwendegerweis eng zolidd Inzidenz op Europa zënterhier gehat.

Déi onbeschreiblech Evénementer vum 11. September an hir Analyse féieren eis op d'mannst zu zwou Lektionen. Déi éischt ass: Mir brauchen an der Gesellschaft an an der Ekonomie méi Politik. Eng staatlech Hand fir d'Sécherheet ze assuréieren an d'Wirtschaft a geregelte Bunn ze halen an a Krisenzäiten ze stäipen.

Zweetens brauche mer, mengen ech, méi Kooperatioun tëscht de Länner, virun allem méi Europa, fir d'Gefore besser anzuschätzen an ofzewieren, a méi Ennerstëtzung vun de räiche Länner fir déi aarm, fir den Haass, deen an der Armut an am Misär seng Wuerzele fanne kann, ze eliminéieren.

De Budget fir d'Joer 2002 ass e wesentlech Instrument fir dës zwou Lektionen konkret ëmzesetzen. De Budget 2002 gëtt der Politik an dësem Land eng kloer Roll an Aufgab. Dëse Budget hëlleft de Mënschen hei heem an an der Welt, a léisst se net eleng. Dëse Budget ass eng Äntwert op eng Rëtsch Problemer vun haut an e versicht zugläich d'Zukunft ze preparéieren. Dës Analys huet och geschéit hei Äre Rapporteur vum Budget, den honorablen Här Claude Wiseler gemaach. Erlaabt mer op dëser Plaz der Finanzkommissioun vun der Chamber ënnert hirem President, dem Här Lucien Weiler, an dem Budgetsrapporteur, dem Här Claude Wiseler, villmools merci ze soe fir déi grëndlech Analys an Aschätzung, déi se vum Budget a sengem Zukunftsmessage gemaach hunn. Et ass aus der Siicht vun der Regierung eng remarkabel Aarbecht, déi d'Basis vu villen Debatten an dësem Parlament an deenen nächsten zwou Wochen an doriwwer eraus dierft sinn.

De Statsbudget fir d'Joer 2002 gesäit no den Amendementen, déi d'Regierung virun enger gudder Woch ugehall huet, esou aus: Mir hu Recettë vu 5,977 Milliarden € a mir hunn Dépense vu 5,976 Milliarden €, dat heescht, mir hunn en lwwerschoss vun enger Millioun € no den Amendementen vun der Regierung.

Dräi Zich géif ech gär ervirhiewen, wann ee sech déi Chifferen ukuckt. Fir d'éischt, et ass e Budget, deen am Equiliber ass, trotz grousser Steuerreform. Dat ass net de Fall a Frankräich, dat ass net de Fall an der Belsch an dat ass net de Fall an Däitschland, wou d'Regierungen dës Deeg och hir Budgeten an de Parlamenten presentéiert hunn.

Zweetens maache mer all Dépensen, ouni dass et zu enger neier Statsverscholdung kënnst, och dat fannt Der an eisen Nopeschlänner net.

Drëttens: D'Finanzkapazitéit vum Stat bleift excédentaire. Mir respektéiere mat dësem Budget voll a ganz de Stabilitéitsprogramm, dee mer all Joer an der europäescher Wirtschafts- a Währungsunioun areeche. Mir hunn en neien de leschte Freideg ugehall an op Bréissel geschéckt. Heiranner gëtt deen, grad esou wéi déi, déi mer virdrun zu Bréissel ofginn haten, voll a ganz respektéiert.

An engem ekonomesch schwierigen Ëmfeld war et net einfach, dëse Budget op dës Fassong fäerdegzebréngen. Et ass dëst Joer an all de Länner e schwierigen Exercice, well mer en an enger ongewësser Zäit maachen. De Lëtzebuerger Budget, de Budget also vun engem Land, deem seng Ekonomie extrem op ass, muss selbstverständlech der europäescher an der internationaler Ekonomie Rechnung droen. Déi amerikanesch Ekonomie war och scho virun dem 11. September méi schwach. Fir 2001 war am Ufank vum Joer fir Amerika e Wuesstum vun nëmme 1,3% virausgesot ginn. Et gëllt hei eng Rei Iwwerkapazitéiten, déi bei schwächerer Demanden entstane sinn, ofzebauen. Lo rechent den internationale Währungsfonds fir Amerika mat enger Croissance fir d'nächst Joer vun 0,7%. Mir ginn dovun aus, dass d'Amerikaner, wa se emol e bëssen de Schock vun den Evénementen vum 11. September iwwerstanen hunn an erëm méi konsuméieren - d'Chiffere vum November gi schonn iwwerens lichter an déi Richtung -, a wann zugläich d'monetär Autoritéiten an Amerika weider hir Niddreg-Zëns-Politik bäibehalen, a wa schliesslech déi amerikanesch Regierung eng expansionistesche Ausgabepolitik a Steuerreform mécht, dann dierft déi amerikanesch Ekonomie am Laf vum nächste Joer erëm unzéien.

Natierlech huet an enger globaliséierter Welt, wou vill amerikanesch Firms Participatiounen an Europa hunn an ëmgedréit, e Ralentissement vun der Ekonomie an Amerika eng Konsequenz op Europa. Mä Europa, sou mengen ech, huet d'Instrumenter an de Wëllen, géint dës schwierig ekonomesch Zäit ze steieren.

Virun allem wëllt ech hei op zwee Instrumenter hiweisen. D'europäesch Zentralbank huet substantiell d'Zësen zréckgehall an d'Regierungen an Europa si sech eens, déi sougenannten automatesch Stabilisateure spillen ze loossen, dat heescht ënnert anerem, dass ee Staatsausgaben net direkt zréckhält, do wou d'Statsfinanzen dat erlaben, do also wou de Stabilitéitspakt dat eis och erlaabt. De Respekt vun de Stabilitéitsprogrammer ass awer hei e Punkt, dee selbstverständlech wichteg ass an op dee Lëtzebuerg

och ëmmer am europäesche Finanzministerrot drängt an dofir dat och hei zu Lëtzebuerg esou respektéiert.

Lëtzebuerg ass selbstverständlech als oppen Ekonomie, als international Ekonomie, wou e staarkt internationalt Aktionariat an den Entreprises ass, duerch d'Situatioun vun der Weltekonome touchéiert. Mä wéi ëmmer muss een dann awer feststellen, dass eis Ekonomie e bëssen anescht reagéiert, an dat zum Deel duerch hir Struktur. Wann een dann d'Chiffere kuckt, déi d'europäesch Kommissioun elo de leschte Mount fir Europa a fir Lëtzebuerg fir de Wuesstum vum nächste Joer publizéiert huet, da gesäit een, dass d'Kommissioun mengt, dass Lëtzebuerg dëst Joer e Wuesstum vu 4% géif kréien, d'nächst Joer eent vun 3%, an 2003 gesi si erëm e Wuesstum vu 5,4% fir Lëtzebuerg vir.

Der Lëtzebuerger Ekonomie geet et also, no deene Chifferen an nodeem wat een esouwuel beim Statec wéi bei der europäescher Kommissioun a beim FMI liest, am europäesche Verglach relativ gutt. Ech hunn lech gesot, dass fir Lëtzebuerg fir d'nächst Joer 3% virausgesot ginn. An der Moyenne ginn awer fir Europa nëmme 1,4% virausgesinn, mir sinn also méi wéi duebel iwwert deem, wat fir d'nächst Joer am Verglach fir Europa virausgesot gëtt.

Ech mengen awer dobäi - an ech deelen do d'Meenung vum Claude Wiseler vu gëschter -, dass et zum Deel nach ze fréi ass, fir nom 11. September genee virauszesoen, wéi d'Ekonomie evoluéiert. Wéi oft hunn dach an dësem Joer d'Wirtschaftsinstitute an d'statistesche Ämter vun alle Länner hir Prognose fir dat nächste Joer zréckgehall an ech hunn dat, wéi ech dëse Budget preparéiert hunn, öfters festgestallt. All puer Méint koumen aner Chifferen eraus an ech mengen, et ass effektiv ganz schwierig mat der leschter Präzisioun virauszesoen, wéi d'Ekonomie d'nächst Joer evoluéiert.

Mä et huet een d'Tendenzen, an déi hunn ech lech un dës Chiffere bewisen. Am Oktober an November vun dësem Joer huet d'Regierung, a virun allem och ech als Budgetminister, sech d'Fro gestallt, ob eise Budget fir 2002 bei deene méi däischtere Wolleken um Wirtschaftshimmel nach aktuell wier. En Exercice, deen iwwerens ëmmer am November gemaach gëtt, wann d'Amendementen zum Budgetgesetz an der Regierung diskutéiert ginn.

De Budget op der Ausgabesäit ze kierze wär net schwéier gewiescht. Mir hätten deen een oder deen aneren Investitiounsfong manner dotéiert, deen een oder deen anere Bauprojet net gemaach oder an der Zäit e bëssen no hanner gestallt, mir hätten d'Entwécklungspolitik op sengem héijen Niveau vum leschte Joer gelooss, asw. Mä no intensive Reflexiounen

hu mer de Budget 2002 a senge Grondzich net geännert, mir hu just der méi niddreger Präisentwécklung - 2,2% si fir d'nächst Joer virausgesot ginn - Rechnung gedroen. Am Summer hate mer nach mat 3% gerechent, do ass also och kee groussen Ënnerscheid feststellen.

Firwat hu mer de Budget net geännert? Do ginn et eng Rei Ursaachen. Eng éischt ass, dass mer eis, wa mer de Budget opstellen, um méttelfristege Wuesstum vun eiser Economie orientéieren, an dee situéiert sech an deenen nächsten zwee bis dräi Joer ronderëm 5%.

Zweetens si mer der Meenung, dass eng Reduktioun vun de staatlechen Dépensen direkt en negativen Effekt op eis Economie hätt, well jo e groussen Deel vun eisen Ausgaben de Betriber aus der Baubranche, dem Handwierk, asw. zegutt kënnt. Si liewen zu engem gudden Deel vun de Bauprojeten vum Stat an et wär dofir de falsche Moment gewiescht, fir d'Ausgabe vum Stat direkt an deenen dote Beräicher ze kierzen.

Drëttens wollte mer d'Sozialpolitik net direkt kierzen. Mir hunn esouguer nei Moossnamen ageféiert, well mer der Meenung sinn, dass et och grad an enger schwiereger Zäit wichteg ass, dass d'Leit hir Kafkraaft behalen an dass si se och verstärkt kréien. Dofir hu mer och hei an der Sozialpolitik keng Ännerung virgeholl.

Véiertens hu mer der Recommandatioun vun den europäesche Fianzministere Rechnung gedroen, déi soen, dass een déi automatesch Stabilisateure spille loosse soll - ech hu scho virdrun dorop ugespillt -, dass een also d'Dépensë lafe loosse däerf a soll, wann d'Finanzen et erlaben, an dat ass hei zu Lëtzebuerg de Fall.

Fënneftens hunn eise Budget an och eis Investitiouns-fonge Reserven, grouss Reserven, déi mer och an Zukunft behalen, souguer wann an den nächste Joer e bësse manner un Einnahme géife kommen. Mir behalen och méttelfristeg e positive Finanzierungssaldo vum Stat, an dat ass e ganz wichtegt Element fir eng méttelfristeg Finanzpolitik ze maachen.

De Budget no dem 11. September elo zu deem Zäitpunkt ze änneren, wär e Schlag an d'Gesicht vun der Lëtzebuurger Economie, virun allem vun deene klengen a méttlere Betriber. Et wär eng onjustifiéiert Panikreaktioun an en Zickzack an der Budgetpolitik gewiescht, deen d'Regierung net maache wollt.

De Budget 2002 ass e Budget am Gläichgewiicht. Et soll jo ebe just, wéi ech virdru gesot hunn, e Budget sinn, dee Stabilitéit bréngt an enger onsécherer, ongewässer Zäit. Kontinuitéit, Responsabilitéit a Besonnenheet si

Charakteristike vun eiser Finanzpolitik, och fir d'Joer 2002.

Nëmme wann et zu engem längeren, strukturellen Abroch vun der europäescher an der Lëtzebuurger Economie géif kommen, géife mer Ajustementen an de Budgeten 2003, 2004 als ubruecht fannen. Bei der aktueller Wirtschafts- a Finanzlag fanne mer, dass dat net déi richtig Äntwert op dës Zäit wär.

Hei kommen eis selbstverständlech eis Reserven zegutt. Wat sinn ech net wéint de Reserven, déi mer gemaach hunn, kritiséiert ginn. Wéi oft kann ech mech erënneren, dass am leschte Walkampf, vu Leit dobaussen, awer och vu Leit heibannen,...

(Interruptions diverses)

...gesot ginn ass: „De Budgetsminister sëtzt op de Suen.“ Et wär sécher méi einfach gewiescht d'Reserven auszeginn, well ee jo elo gewielt gëtt an ee jo elo regéiert, a wat a fënnef, sechs Joer geschitt kéint engem jo egal sinn. D'Budgetsreserv ass mir net egal a si däerf och eise Land net egal sinn.

Mir hunn haut eng Budgetsreserv vun 20 Milliarde Lëtzebuurger Frang, eng hallef Milliard €, entstanen aus Budgetsiwwerschëss, déi mir - net nëmmen ech als Budgetsminister an deenen dräi Joer, mä selbstverständlech och meng Virgänger - iwwert déi lescht Joer behutsam op d'Säit geluegt hunn. 1998, wéi ech Budgetsminister gi sinn, waren et der 15 Milliarde Lëtzebuurger Frang, haut ass déi Zomm op 20 Milliarde geklomm.

Wat heescht dat? Wann zum Beispill d'nächst Joer de Budget op eemol an den Defizit géif goen, da sinn dës Budgetsreserven do fir d'Ausgaben ze täegen, ouni dass mer nei Scholde maachen, Investitioune brutal stoppen, Sozialpolitik zrëckhuelen, an ouni dass mer Steieren erhéije müssen. Haut och u mar denken, haut d'Zukunft mat preparéieren, dat sinn d'Charakteristike vun der Lëtzebuurger Budgetpolitik.

An deem Kontext hunn d'Cour des Comptes a geschter, och hei op dëser Tribün, den Här Wiseler am Numm vun der Finanzkommissioun iwwert d'Iddi vun engem Fonds de réserve geschwat. Ech gi soen, dass déi Iddi am Fong meng Zoustëmmung fënnt, well mir esou e Fong haut, just mat engem aneren Numm, schonn hunn. Mir hunn e schonn, just mat engem aneren Numm, well wat ass d'Budgetsreserv dann anescht wéi e Fong, en Dëppen, wou Suen dra si fir schlecht Zäiten.

Mir hu Budgetsreserve mat 20 Milliarden a mir hunn doniewent d'Avoire vun de Fongen, dat heescht déi Suen, déi mir an all Investitiounsfong fir déi

grouss Bauprojeten op d'Säit gesat hunn. Déi Avoire vun deene Fonge belafe sech am Ufank vum nächste Joer, wa mer Plus-valuë vum leschte Joer affektéiert hunn, op honnert an eng Milliarde Lëtzebuerger Frang. Dat heescht, dass mer haut Budgetsreserve vun 20 Milliarden, Avoiren aus de Fonge vun 100 Milliarden, also en Total vun 120 Milliarde Lëtzebuerger Frang, iwwregens duebel sou vill wéi 1997, hunn. Déi Budgetsreserven hu mer gemaach, fir e Reservefong an Noutsituatiounen ze hunn a fir - an ech mengen, dat huet den Här Wiseler gëschter ënnerstrach - d'Investitiounen, déi mer decidéiert hunn, an déi sech iwwer Joren erstrecken, op eng stabil Aart a Weis finanzéieren ze kënnen a fir keen Zickzackkurs weder an der Ausgabepolitik, nach an der Steuerpolitik féieren ze müssen.

Selbstverständlech kann een déi Budgetsreserven och an e Fong oder an de Fonds de crise, dee fir de Moment och besteet, ëmwandelen an der Budgetsreserv aner Modalitéite ginn, do sinn ech völeg op an doriwwer kënnen mer an der Budgetkommissioun diskutéieren. Mä an der Grondiddi sinn ech der Meenung, dass mer haut scho largement dee Reservefong hunn, et kann een, en wéi gesot, op eng aner Fassong deefen an him aner Modalitéiten iwwer seng Ausgabe ginn, doriwwer kënnen mer selbstverständlech diskutéieren, ech halen dat fir eng gutt Iddi.

D'Stäerke vun eiser Finanzpolitik, Dir Dammen an Dir Hären, sinn eis Ausgeglichenheet, eis Reserve fir a schlechten Zäite roueg weider kënnen ze regéieren an eis niddreg Statsschold. Mir hunn haut eng Statsschold vun där mer gëschter hei nach eng Kéier erkläert kritt hunn, dass se sech op ronn 28 Milliarde Lëtzebuerger Frang oder 700 Milliounen € beleeft. Dat ass e Ratio-Schold vum Stat par rapport zum PIB vun 3,18%. Dat fannt Dir néiers an Europa. 60% vum PIB wäre souguer erlaabt a mir hunn 3,18%. Dat ass pro Awunner eng Schold vun 1.580 €.

Dobäi muss ee soen, dass mer och do un d'Zukunft geduecht hunn. Mir hunn haut e Fong vun der Dette, wou mir vun der Schold, déi mer fir de Moment nach hunn an déi virun enger Rei Joren opgehooll ginn ass, dee Moment wou mer se bezuele müssen, 60% bezuele kënnen. Leider ass et net méiglech, se fréizäiteg zrëckbezuelen, well do déi bekannten „Oluxen“ opgehooll gi sinn, Obligatiounen, déi een nëmmen um Enn zrëckbezuele kann. Mä mir hunn elo scho 60% vun där Schold op der Säit leien, fir och dat an deenen nächste Jore kënnen zrëckzeginn. D'Schold leeft 2007 aus, wa mer bis dohi keng nei ze maache brauchen. Mir hunn e Programm virgesinn, fir dass mer dat ouni Schwierigkeiten zrëckbezuele kënnen, wa mer weider och all Joer a gewëssene Pourcentage vun eise Suen dohin affektéieren.

Scholde si ganz bestëmmt justifiéiert, fir grouss Investitiounsprojeten ze finanzéieren, et wär also näischt Schlechtes a Schlëmme wa mer misste Schold ophuelen, mä ech soen: Loosse mer keng Schold ophuelen, fir fir dee Moment, wou et méi schlecht geet, dee Moyen ze hunn a fir dann nach awer weider eng ganz Rei vun Investitiounen tätigen ze kënnen. Schold, déi ee mécht, muss een natierlech och eng Kéier zrëckbezuelen. Dat hei ass dat véiert Joer hannereneen, dass Lëtzebuerg keng nei Schold ophëlt. Dat ass eenzegaarteg an der Europäescher Unioun.

Wa mer keng grouss Schold hunn, wa mer gewollt Reserven opgebaut hunn, dann hänkt dat och domat zesummen, dass mer, dank enger gudder Steuer-, Wirtschafts- a Finanzpolitik, gutt Recetten haten an hunn. 2002 ass natierlech e Joer, wou et besonnesch schwierig war d'Recettë richteg anzuschätzen, dat aus zwee Grënn: Engersäits wéint der méi schwieriger wirtschaftlecher Lag, anerersäits wéint der Steuerreform.

De Budget 2002, genausou wéi déi vun de Joren duerno, steet ganz kloer am Zeechen vun enger vun de gréisste Steuerreforme vun de leschte Joren. All privat Steuerzueler bezilt d'nächst Joer substantiell manner Steieren. Eng bestuete Koppel mat zwee Kanner, déi e besteierbaart Akommes vun 2 Milliounen huet, bezilt d'nächst Joer 130.000 Frang manner Steiere wéi am Joer 2000. D'Kierperschaftssteuer geet vun 30 op 22% erof, mat dem Zil d'Aarbechtsplazen hei am Land ze erhalen an de Betriber ze erméiglechen, och an engem schwierigen Ëmfeld weider funktionéieren ze kënnen. Mir sinn och regelméisseg kritiséiert ginn, dass mer d'Recetten ze virsiichteg géifen asetzen. Déi Kritik akzeptéieren ech a mat der Kritik kann ech liewen. Ech hu se léiwer, wéi déi Kritik, déi deen Dag kéim, wou géif gesot ginn, dass ech, fir de Budget schéin ze maachen, d'Recetten ze héich agesat hätt a mer eis dann um Enn vum Joer mat bësen Iwwerraschungen offanne missten. Eist Zil ass de Budget sou realistesch wéi méiglech opzestellen, eist Zil ass de Budget am Equiliber ze hunn, eist Zil ass keng schlecht Iwwerraschungen um Enn vum Joer ze hunn.

A wéi ech dëst Joer am November Reflexiounen iwwert d'Amendement vum Budget ugestallt hunn, hunn ech vill gutt Rotschlëi kritt: Déi eng hu fonnt, datt mer d'Recettë fir d'nächst Joer ze héich agesat hätten, wéinst dem schwierigen Ëmfeld an der Steuerreform, an déi aner hu fonnt, dass mer se ze niddreg agesat hätten, well se jo déi aner Joren och ze niddreg gewiescht wäeren.

Den Exercice ass besonnesch schwierig, well d'Steuerreform am éischte Budgetsjoer net direkt e vollen Nidderschlag fënnt. Gott sei Dank, kann ech als

Budgetsminister soen, well mer zum Deel nobesteieren, also elo besteiere mer d'Betriber op deenen Exercicer, déi nach besser waren, an anerersäits huet eis Steuerreform jo zum Zil, dass et de Betriber weider gutt geet an dass mer doduerch eng Croissance kréien. Wéi schnell déi Croissance kënnt, dat wees een net, mä si wäert awer och eng positiv Incidence op d'Recetten hunn.

Elo setze mir d'Recetten net einfach esou an de Budget, mä mir kucken no engem gewëssene Schema, wéi mer d'Recette fixéieren. A fir d'nächst Joer hu mir eis d'Recetten ugekuckt vum Kont vum Joer 2000, mir hunn de provisoiresche Kont fir d'Joer 2001 gekuckt, souwäit een dat an dësem Mount scho maache kann, an dunn hu mer der Steuerreform an dem ekonomeschen Ëmfeld Rechnung gedroen. Et gesäit een dann och, dass déi Steuerrecetten no dësem Schema realistesch agesat gi sinn. Mir haten zum Beispill am Joer 2000 Kierperschaftssteiere vu ronn enger Milliard um Kont, mir wäerten dëst Joer eng Milliard an 90 Milliounen - dat sinn Euroen - kréien, an trotz méi lueser Economie a Steuerreform hu mer fir d'nächst Joer 1,2 Milliarden agesat.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dann huet emol d'Beispill vun der Taxe d'abonnement. Do wusst d'Chamber Bescheed, wéi d'Resultat kéint sinn, just d'Regierung anscheinend net. Dir hutt e ganz anere Chiffer agesat a mir hunn dee Chiffer d'lescht Joer scho bei den Diskussiounen virbruecht. Wéi ass dat dann ze erklären? Do kann dach kee Schema hannendru sinn.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Ech hat net geduecht, dass ech haut de Mëtteg iwwert d'Taxe d'abonnement géif schwätzen. Ech huelen dat Beispill ganz gär, well dank enger richteger Politik fir d'Finanzplaz sech Investitiounsfonten zu Lëtzebuerg gutt développéiere konnten an dorophin d'Taxe d'abonnement an deene leschte Joren zolidd geklommen ass. Et ass och dofir, dass de Stats- a Finanzminister virun e puer Wochen annoncéiert huet, dass en déi Taxe vun 0,6 op 0,5% géif erofsetzen, fir grad dee Piller vun der Finanzplaz weider ze ënnerstëtzen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Bleift bei der urspringlecher Versioun, Här Minister, dat ass d'Fro net. Soll ech d'Fro nach eng Kéier widderhuelen?

Dir hutt gesot, dass Der no engem Schema fuert. Dir wëllt eis hei weisen, wéi Der dat maacht. Unhand vun der Taxe d'abonnement hunn ech lech d'lescht Joer bewiese kënnen, dass Der net no engem Schema fuert, well d'Chamber wusst wéivill Suen um Enn géifen erauskommen an Dir scheinbar net, well Dir e ganz anere Chiffer agesat hutt.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Den Här Krecké fiert ëmmer no deem selwechte Schema.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dat doten ass en anert Schema.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Also, Här President, ech hunn dann d'Chiffere vun der Taxe d'abonnement. Fir lech ze weisen, wéi schwierig et ass, d'Taxe d'abonnement anzuschätzen, soen ech lech, wéivill d'Taxe d'abonnement am Joer 1999 war. Am Joer 1999 war se 332 Milliounen €, am Joer 2000, weinst der exceptioneller Situatioun op de Boursen, war se 468 Milliounen €, also en enormen Zack no uewen. D'Joer 2000 war keen normaalt Joer. Wann een als Budgetminister einfach dat Joer, wou een en enormt Resultat hat, géif huelen an dee Montant géif asetzen, da mécht ee grad dat, wat dës Regierung net maache wëll, nämlech eng mëttelfristeg Evaluatioun vun de Recetten an den Dépenses. Mir hunn dann, fir de Budget 2002, vill méi agesat wéi am excellente Joer 2000. Ech soen lech nach eng Kéier, dass d'Joer 2000 weinst de Boursen e geckegt Joer war an dass mer dowéinst 468 Milliounen haten. Mir hunn am Projet de budget vum Joer 2002 510 Milliounen € agesat. Dëst Joer erwaarde mer eis 470 Milliounen €. Mir sinn also nach e Stéck iwwert dat Superjoer 2000 gaangen, wou ech also fäerten, dass mer ënnert deem géife leien. Fir lech ze soen, Här Krecké, mir hunn och do datselwecht agebaut, mir kënnen awer gär an deenen nächste Wochen dat doten fir all Steierkategorie bewiesen.

Wësst Der, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass mer déi Steieren, déi mer agesat hunn, erakréien. Dat ass meng Suerg. A wa mer och méi erakréien, dann ass et tant mieux. A wann ech och dofir kritiséiert ginn, wann dat déi eenzeg Kritik ass an deene Joren, wou ech Budgetminister sinn, dann ass dat net schlëmm. Well, wa mer nämlech méi erakréien, kënne mer jo mam Accord vum Parlament, duerch e Gesetz, dës Mehreinnahmen, déi och Plus-valuë genannt ginn, via Gesetz un d'Investitiounsfonten ginn an also domadder déi Infrastrukture finanzéieren, déi d'Parlament, déi d'Land, déi Regierung gären hätten. Mä nach eng Kéier: Mir hu versicht sou realistesch wéi méiglech, sou éierlech wéi méiglech dës Recetten anzuschätzen.

Mir hunn am nächste Joer, wéi gesot, 5,977 Milliarden € Recetten, mir hu 5,976 Milliarden € Dépenses. D'Dépense wuessen also am nächste Budget ëm eppes 9,5%. Dat ass vill, mä mer hu grouss Investitiionsausgabe bei de Schoulen, de Stroossen, de Schinnen, de Spidäler, asw. D'Investitiionsausgaben, Budget plus Fonten klammen am nächste Joer ëm 30%, woubäi d'Gesamtausgabe vum Budget nëmmen ëm 10% klammen. Dofir konnt ech lech virun

och soen, dass mer mat Liichtegkeet d'Dépensen hätten erofschrauwe kënnen, well mer hätte jo net sou vill méi an d'Investitiounsfunge misse ginn. Mir hunn awer gemengt, dass et wichteg war deen Investitiounsprogramm, aus deenen ekonomesche Grënn, déi ech virdru genannt hunn, virunzeféieren. D'Investitiounsausgabe maache ronn 12% vun de Gesamtausgabe vum Stat aus, och dat ass unique an der Europäescher Unioun an ech mengen, dass et och gutt ass, déi op engem héijen Niveau ze halen.

Elong an deene véier nächste Joer, vun 2002 bis 2005 ageschloss, brauche mer fir Investitiouns Ausgaben - Budget plus Fongen - 226 Milliarde Lëtzebuerger Frang, dat ass de Volumen, wéi e virgesinn ass. Wéi gesot, dat ass net op eng länger Zäit, dat ass einfach vun 2002 bis 2005 fir dat, wat mer alles wëllen, och ze realiséieren. Ech soen et nach eng Kéier, mir hunn déi Suen ugespuert fir dat doten op eng stabil a stabel Aart a Weis realiséieren ze kënnen.

Héich Investitiouns Ausgaben sinn an den Ae vun der Regierung noutwendeg, elo an an deenen nächsten zwee bis dräi Jorzéngten, fir e modernen, wuessende Stat halen an de Stat op seng Zukunftsaufgaben virbereeden ze kënnen.

D'Investitiouns Ausgabe si fir d'Regierung wichteg, d'Sozialausgabe si fir d'Regierung wichteg. Mir hunn haut e Sozialbudget vun 2,6 Milliarden €, dat si par Rapport zu de Gesamtausgabe vum Stat eppes 43%. Mir hu bewusst eng ganz Rei nei Moosnamen an dese Budget ageschloss, déi mer grad maachen, well et wichteg ass fir d'Leit, a schwierere wirtschaftlechen Zäiten, déi noutwendeg Kafkraaft ze hu fir hir Liewensqualitéit virunzeféieren. Et ass dofir, dass mer d'Kannergeld ëm 25 € - 1.000 Lëtzebuerger Frang - pro Mount vum 1. Januar un erhéijen, et ass dofir, dass et zu enger Neiregelung vun de Babyjoren an enger Extensioon vun dese kënnt. Et ass och dofir, dass mer e Forfait d'éducation fir Fraen, déi net pensiounsberechtigt sinn, aféieren. Et ass dofir, dass mer d'Hongerrentë verbessern. Alles dat ass eng gewollte Politik, déi natierlech an des Budgetspolitik...

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech géif lech bieden, den Här Minister net ze ënnerbrieche mat Saachen, déi mat deem Projet, deen hei diskutéiert gëtt, näischt ze dinn hunn.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Den Här Minister Boden huet mech ugeschwat, Här President.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Ech wëll dem Här Gibéryen soen, dass ech hei dee Jargon

huelen, deen onrechtméissegeweis op gewësse Renten applizéiert ginn ass, fir dat hei kuerz kënnen...

(Hilarité et interruptions)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Déi do Kéier hält keen lech of!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Maacht, datt Der net schwindleg gitt vum Dréien!

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Also, Här Gibéryen...

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Et steet schonn am Regierungsprogramm, datt mer dat géife maachen, et ass elo näischt grousses Neies wat hei gesot gëtt. Liest en emol eng Kéier, Här Gibéryen!

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Ech wëll dem Här Gibéryen soen, datt all déi Leit hei am Land wëssen, wat fir en Nidderschlag, datt déi Sozialpolitik, déi geziilt Sozialpolitik hei am Land, am Budget fënnt.

Här Gibéryen, wësst Dir weivill dat am Budget kascht, all déi Moosnamen, déi mir maache wëllen? Alleguer déi nei Moosname kaschten am Budget vum kommende Joer 1,4 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Dat ass déi Politik, déi des Regierung mécht.

(Interruption)

M. Lucien Clement (CSV).- Dat ass dem Här Gibéryen egal.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Mat desen Neierungen, déi fir Opreegung suergen, dat kann ee verstoen, an déi awer eng gutt Politik sinn, awer och mat deene villen anere soziale Moosnamen, wéi zum Beispill am Beräich vum Wunnensbau, am Beräich vun der Ëmwelt, hu mer mussen e Choix maachen, a mer hunn deenen Dépensen d'Prioritéit ginn, déi d'Liewe vun de Leit, a besonnesch vun de Familljen, verbessern. Hir Liewensqualitéit doheem, wou se sech gemeinsam ophalen, soll grad mat der Budgetpolitik an natierlech och duerch déi grouss Steuerreform, déi an deem Budget hiren Nidderschlag fënnt, verbessert ginn. Als Budgetminister mierkt een natierlech och, dass d'sozial Ausgaben enorm klammen. Ech hu gekuckt, weivill sozial Ausgabe mer 1992, virun zéng Joer, haten. Do hate mer 1,1 Milliarden €, haut, zéng Joer duerno, bei wuessender Populatioun, hu mer 2,6 Milliarden €. Deemols waren et 36% vun de Gesamtausgaben, haut sinn et eppes méi wéi 43%. Hei ginn et natierlech zwo Ursaachen: Mir hunn en extreemt zolidd Sozialnetz, wou de Stat bal alles ënnerstëtzt, trotz alle Fuerderungen, déi ëmmer erëm kommen. Mir

ënnerstëtzen hei zu Lëtzebuerg och vill méi am Sozialberäich, wéi dat am Ausland de Fall ass. Mä dat erkläert awer och de Coût am Budget. Anerersäits hu mer an deene leschte Joren eng staark Croissance vun der Economie an domat vun der Bevëlkerungszuel kann. Eise Wirtschaftswuesstum, dee mer fir eis Liewensqualitéit brauchen a fir eis Arbechtsplazen ze halen, huet selbstverständlech Nofolgekäschten, huet Nofolgekäschten an der Sozialpolitik, an den Investitiouns Ausgabe fir Schoulen, den Transport an aner Beräicher.

D'Fro muss dofir am Kader vum Budget, an och virun allem am Kader vun der pluriannueler Finanzplanung, gestallt ginn, wéivill Wuesstum mer wëllen, wéivill Wuesstum mer brauchen a wéi mer dee Wuesstum steiere kënnen. Dat ass déi eigentlech Zukunftsdebat, déi dëst Parlament an dëst Land féiere mussen. A mat där Debat hänkt och d'Debat iwwert d'Bevëlkerungszuel zesummen.

Heizou e puer Remarken. Éischtens géif ech mengen, dass mer Wuesstum brauchen. Eng Economie, déi stoe bleift, investéiert net méi a stierft of.

Zweetens wëlle mir e gemässegt Wuesstum. Dës Regierung huet sech net zum Zil gesat, d'Bevëlkerungszuel drastesch an d'Luucht ze setzen, weder de Premierminister, nach ee vu senger Ministeren. Wien dat seet a schreift gétt net der Wouerrecht gerecht. Mir soe just, dass mer e staarke Wuesstum brauchen, fir datt ënner anerem eise Sozialsystem funktionéiert, mä och fir dass de Wuesstum, dee virun allem op der Finanzplaz komm ass, an den Dépensen am Beräich vun der Sozialpolitik, vun der Kultur, der Entwécklungspolitik, der Infrastruktur en Nidderschlag fanne kann.

Mir haten an deene leschten 20 Joer e ganz staarke Wuesstum. Dofir huet d'Beschäftigungszuel sech an deenen 20 Joer ëm 100.000 Leit vergréissert. Dat ass virun allem am Déngschtleeschtungssektor de Fall gewiescht, an do virun allem op der Finanzplaz. Mir mussen eist Land, e Land wat wësst, op d'Zukunft preparéieren, a genau dat maache mer och duerch dëse Budget.

Mäin drëtter Punkt ass am Fong eng Fro: Kënne mer de Wuesstum steieren? An engem gewëssene Mooss jo. Wann et eisem Land esou gutt geet, dann ass dat d'Resultat vun enger Politik. Wa mer zum Beispill eng substantiell Ännerung vun der Legislatioun op der Finanzplaz géife maachen, dann hätt eist Land direkt e puer dausend Leit manner. Mir bräichten nëmmen an den Ecofin ze goen an ze soen: „Vu mar u wëlle mir hei zu Lëtzebuerg kee Private Banking méi.“, oder och nëmmen d'Fongegeschäft mat der Taxe d'abonnement ëm e puer Prozent ze erhéijen, dann hätte mer vun haut op mar eng Rei Bankaktivitéiten an e puer dausend Leit manner. Mir kënnen och op d'europäesch Institutiounen

verzichten a soen: „Mir wëlle keng europäesch Kommissioun a keen europäesch Parlament zu Lëtzebuerg.“ Dann hu mer nach eng Kéier e puer dausend Leit manner. Awer d'Konsequenz, Dir Dammen an Dir Hären, wier, dass et eisem Land dann och vill manner gutt goe géif. Mir hätten da vill manner Steuerrecetten, Steuerrecetten, déi mer an dem Servicësektor erakréien, an déi - ech soen et nach eng Kéier - mer fir eis Sozialpolitik, eis Kulturpolitik, eis Entwécklungspolitik, fir eis nei Gebaier, Stroossen, asw. brauchen. Dat wäeren alles Politikberäicher, déi mer dann net méi finanzéiere kéinten.

Mäi Punkt ass deen: Mir kréien d'Economie, de Wuesstum zolidd gebremst, wa mer dat wëllen, mä d'Konsequenze wäeren drastesch an dat wëlle mer net. Dës Regierung wëll e gemässegt Wuesstum, e qualitative Wuesstum, mat enger attraktiver Steuerpolitik, déi d'Arbechtsplazen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, bäibehält; mat engem selektiven Eraussiche vun neie Betriber, déi dem Land net schueden, virun allem senger Ëmwelt net; mat engem gudden Abezelen vun de Salaréien aus der Grenzregioun an engem luesen, geregelten Uwuessen vun der Populatioun, déi hei am Land leeft. Mir brauchen eng kontrolléiert, geregelt Immigratioun, déi de Besoin vun eiser Wirtschaft Rechnung dréit. Eng net gesteuert Immigratiounspolitik, eng Politik vum Laissez-faire féiert zu Intoleranz an zerstéiert déi noutwendeg sozial Kohäsioun. Mir brauchen eng rasonabel, gemässegt Wuesstumspolitik, déi et och de Statsfinanzen erlaabt gesond ze bleiwen, souwuel op der Recettesäit wéi op der Dépensesäit. Ech hoffen, dass déi pluriannuell Analys vun de Statsinvestitiouns Ausgaben, déi och de Rapporteur Claude Wiseler hei gemaach huet an déi och wäert an den nächste Wochen an den Debatten erëmkommen, eis et och erlaabt iwwert de Wuesstum ze schwätzen, doriwwer wat fir e Wuesstum mer wëllen, doriwwer wéi mer e steiere wëllen an doriwwer ob d'Politik vun der Regierung an dësem Beräich déi richteg ass. Ech mengen, dass et eng rasonabel ass, déi een novollzéie kann.

Wann ee wëllt, dass eis Gesellschaft evoluéiert, egal iwwregens mat wéi engem Wuesstum, ass et och äusserst wichteg, dass een och alles, wat mat der Erziung ze dinn huet, am wäitste Sënn vum Wuert, vun dem Stat aus wesentlech ënnerstëtzt, och duerch de Statsbudget. Dat gëllt vun der Spillschoul bis zur Héichschoul iwwert den Encadrement vun de Kanner.

Wéi ech Budgetsrapporteur op dëser Plaz war, hunn ech gesot: „The power of a small nation lies in education“, en Zitat vun engem amerikanesche Politiker. Dat Budgets Zitat war deemols richteg an et ass haut richteg an et ass dofir, dass mer och am Budget an deem Beräich, vun der Spillschoul bis zur Héichschoul,

zesummegerechent Ausgaben vu 780 Milliounen € hunn. Ech wëll mat der Zuel ënnersträichen, wat fir eng Importanz d'Finanzpolitik der Erziéung vun de Kanner hei am Land gëtt, well si och ganz wichteg ass, fir d'Zukunft vum Land virzebereeden. Mir brauche vill nei Proffen, de Budget gesäit se vir. Mir brauchen nei Gebaier, de Bauteprogramm gesäit och si vir. Et ass eng Politik, mat där mer virufuere wëllen.

Ech kann a wëll hei net op all grouss a kleng Akzenter vum Budget agoen, ech hunn dat schonn op der Pressekonferenz gemaach. Et wären der nach vill am Beräich vum Mëttelstand, vum Logement, vun der Agrikultur, der Familljepolitik, asw. ze mentionnéieren. Ech kéint vun e-Lëtzebuerg schwätzen, wou d'Kreditter ëm 28% an d'Luucht ginn, asw. Ech wëll dat hei net maachen, fir net ze vill Zifferen an dës Debatt mat afléissen ze loossen.

Ech wëllt awer op een, zwee wichteg Punkten, besonnesch am Kontext vun den dramateschen Evénementen vum 11. September, agoen. Zu Éischt wëll ech e puer Wuert zu der Entwécklungshëllef soen. Den 11. September huet déi méi staark Interdependenz tëschent de Länner op eng schmerzvoll Aart a Weis ënnerstrach. Dat wat an Afghanistan, awer leider och am Noen Osten elo geschitt, huet eng Relevanz fir eis all, op mer elo zu New York, zu Paräis oder zu Lëtzebuerg wunnen. Mir hänken ee vun deem aneren of. Aarmut a Frustratioun an Zentralasien ka fruchtbare Buedem sinn, fir Terroristen, deenen hir Attacken iwwerall ze spiere sinn. De Kampf géint d'Aarmut ass net nëmmen aus mënschleche Grënn noutwendeg, et ass an enger zesammenhängender Welt an eisem eegenen Intérêt, de Gruef tësche räich an aarm net méi grouss ginn ze loossen, mä méi kleng ze maachen. Ënnerdrückung, Aarmut, Krankheeten an der drëtter Welt sinn en Drama fir déi Leit, déi do wunnen, an eng Gefor fir eis Länner.

Et ass dofir, dass mer d'Entwécklungspolitik an deem Budget op 0,8% vum Revenu National Brut erhéijen. Domat si mir eent vun deene fënnf Länner op der Welt, déi deen héchste Prozentsaz vun deem Akommes fir d'Entwécklungshëllef ginn. Eng wichteg Roll kënn hei selbstverständlech och de multilateralen Organisatiounen, wéi der Weltbank oder de regionalen Entwécklungsbanken zou an et ass och dofir, dass mer am Budget vum nächste Joer virgesinn hunn, dass Lëtzebuerg Member vun der Asiatescher Entwécklungsbank gi kann.

En anere Volet, deen ech nach ervirsträiche wollt, ass dee vun der interner Sécherheet. D'Gefor vun enger terroristescher Attack huet natierlech och nom 11. September mat sech bruecht, dass mer eng ganz Rei extra Kreditter virgesinn hunn, am preventiven, am repressiven an am reaktive Beräich, fir op esou méiglech Attacke preparéiert ze sinn. D'Police, d'Protection civile

an d'Santé sinn hei betrëff. Eleng bei den Amendementen hu mer de Käschtepunkt fir dëse Beräich, par rapport zum Budget, wéi mer en am Summer déposiert hunn, ëm 6,2 Milliounen erhéicht.

Sécherheet assuréieren ass a mengen Aen eng vun de Grondaufgabe vum Stat. Wie sech géint den Terrorismus schützt, protegéiert d'Leit och géint déi normal Kriminalitéit. Hei setzt d'Regierung am Budget 2002 kloer Zeechen an an deem Kontext ass och déi zousätzlech Astellung vu 60 neie Polizisten ze gesinn.

An deem onsécheren internationalen Ëmfeld ass de Budget vum Joer 2002 och deen zweeten, dee mer an eiser neier Währung, dem Euro, presentéieren. An e puer Deeg, den 1. Januar, schloe mer en neit Kapitel an der Geschicht vun eisem Land op. An zéng Deeg, de 15. Dezember, kréien d'Lëtzebuerger fir d'éischte Kéier déi nei Euroen a Form vu Mënzen, zwou Woche méi spët kréie se, a mat hinnen 300 Milliounen Mënschen an Europa, op dee selwechten Dag, eng nei Währung. Dat ass wierklech en historesche Moment an et ass och normal, dass de Budget och an där neier Währung ausgedréckt ass. Währungsschwankungen, Währungskommissiounen ginn et net méi an dank dem Euro gouf et nom 11. September nëmme méi eng Währungspolitik an Europa an doduerch konnte mer de Schock besser ofwieren.

Dëse Budget ass déi richteg Äntwert op déi schwiereg Erausforderunge vun eiser Zäit. Et ass en optimisteschen, klaren, politeschen Projet deen een an deem Budget erëmfënnt an deen zum Zil huet, d'Stabilitéit an enger onsécherer Zäit bäizebehalen. Et ass e Budget vum Erhale vu gesonde Statsfinanzen, e Budget am Equiliber an ouni nei Statsschold. Et ass e Budget, deen duerch d'Steierreform an d'Dépensépolitik eis Betriber an dëser méi schwiereger Zäit ënnerstëtzt an d'Aarbechtsplazen erhält. Et ass e Budget mat enger staarker, sozialer Familljepolitik, dee versicht de Räichtum vum Land gerecht ze verdeelen an deen d'Liewensqualitéit vun de Leit an de Mëttelpunkt stellt. Et ass och e Budget, deen net nëmme fir d'Joer 2002 Äntwerte gëtt, mä permanent duerch eng inhaltlech a finanzpolitesch Ausrichtung och déi nächst Jore preparéiert. An et ass dofir, Här President, dass ech am Numm vun der Regierung d'Chamber invitéiere géif, deem Gesetzprojet seng Zoustëmmung ze ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Ech huelen Akt vun der Deklaratioun vum Här Budgetsminister. D'Wuert huet den Här Krecké fir d'Motioun z'explizéieren, déi hien éinescht déposiert huet. Den Auteur huet fënnf Minutte Riedezäit an d'Fraktiounen hunn och fënnf Minutte fir Stellung ze huelen.